

Concertssaison 2011/2012

Et deet sech eppes an der klenger Lëtzebuerger Musekswelt, Changementer – déi eng méi grouss, déi aner méi kleng –, déi al Gewunnechten op d'Kopp geheien, Zeeche vun Upassungen un e scheinbar nach émmer neit Ëmfeld sinn.

Den Zesummeschloss Rencontres musicales Luxembourg gëtt et net méi. Wat sengerzäit als eng gemeinsam Plattform tëscht dem Philharmoneschen Orchester Lëtzebuerg an de Solistes européens ugefaangen hat a spéider an eng Association vu Solistes européens, Soirées de Luxembourg an Diddelenger Uergelfestival mutéiert ass, ass elo Vergaangenheet. D'Soirées de Luxembourg hunn en neit Doheem an der Programmatiooun vun der Philharmonie krut, d'Académie vu Schengen – eng Emanatioun vun de Solistes européens – gouf bis dato net méi reaniméiert, an den Diddelenger Uergelfestival steet gutt op eegene Féiss.

Eppes anesch ass eis beim Bliederer duerch d'Programmer nach opgefall: d'Denominatioun Les Musiciens ass verschwommen. Den Ensemble nennt sech elo nach just Orchestre de chamber du Luxembourg – an domadder hu mer zu Lëtzebuerg mat de Solistes européens ganz offiziell zwee Ensembles, déi sech als Kammerorchestere verstinn, awer ganz vill de symphonische Repertoire fleeegen.

Nieft dësen Ajustementer war een allerdéngs vrun allem gespaant, eppes iwvert d'Entwicklung vum Dossier Fusioun Philharmonie-OPL gewuer ze ginn. Den Initiateur vun dësem groussen Aschnëtt, d'Kulturministesch Octavie Modert, konnt net op deene respektive Pressekonferenzen derbäi sinn, fir de Status quo z'erklären. Dat hunn déi Verantwortlech vun deenen zwou betraffenen Institutiounen iwwerholl.

De President vun der Philharmonie, den Damien Wigny, huet d'Knackpunkten opgezielt, wou ee Fortschritte gemaacht hätt: de Kollektivvertrag vun de Museker an de Kontrakt mam Emmanuel Krivine. En nächste wichtige Schrëtt wier elo den Organigramm vun däer neier Struktur, déi 2012/2013 operationell muss sinn.

Den neie Generaldirekter vum Philharmoneschen Orchester Lëtzebuerg, de Stefan Rosu, huet sech vill méi vague geäussert a wollt eigentlech guer keng Standertsbestëmmung ginn. E konnt de Journalisten och keng Zuelen presentéieren, wat d'Evolioun vum Public, vun den Abonnementer an den Ticketen ugeet, esou datt een eigentlech net weess, wéi den Orchester opgestallt ass fir d'Zukunft – ausser, datt e musekalesch a beschter Verfassung ass, wéi en et och am Programm fir déi nächst Saison erausliese kann. Grouss Solisten a renomméiert Dirigente schaffen net mat mëttelméisseggen Orchesteren zesummen. D'Philharmonie hirersäits huet Chiffere presentéiert, déi éischtens weisen, datt d'Haus funktionniert an zweetens och nach Sputt no uewen ass – schlisslech gouf et alt nees liicht Progressiouen an der Programmatiooun an an der Vente vun Abonnementer.

Ounst elo wëllen ze orakelen, wéi déi fusionnéiert Struktur Philharmonie-OPL wäert ausgesinn – awer an der Hoffnung, datt den OPL déi Plaz fënnt, déi sengem musekalesche Potential entsprécht – steet eent fest: den Orchester kann a puncto Kommunikatioun, Presentatioun vu sech selwer némme profitéieren. Wéi sot den Emmanuel Krivine esou richteg: „Et geet net duer mam ‚savoir-faire‘, grad esou wichtig ass de ‚faire savoir‘.“ ◆

Guy Engels
Museksredakteur radio 100,7



Kulturchronik vum 12.4.2011

forum

Für Politik, Gesellschaft und Kultur

Gegründet: 1976

Herausgeber: forum ASBL

Durchschnittliche Auflage: 1 900 Exemplare

11 Ausgaben im Jahr

ISSN 1680-2322

Ständige Mitarbeiter

Jean-Paul Barthel, Olivier John, Thomas Köhl, Michel Pauly, Christina Schürr, Jürgen Stoldt, Viviane Thill, Jean-Marie Wagner

Koordination

Lynn Herr, Bernard Thomas

Autoren dieser Ausgabe

Matthias Böhmer, Karine Bouton, Guy Engels, Paul Galles, Jeff Gilniet, Sabine Glock, Fernand Huberty, Tom Kerger, Florian Klapproth, Raymond Klein, Serge Kollwelter, Sabine Krolak-Schwerdt, Daniela Lieb, Michel Pauly, Marie-Christine Ries, Volker Strauß, Bernard Thomas, Nico Turmes, Jean-Marie Weber, Myriam Welschbillig

Interviewpartner dieser Ausgabe

Georges Hellinghausen, Laurent Moyse, Gilbert Pregno, Elmar Salmann

Originalillustrationen

Olivier John, Carlo Schmitz

Foto Cover

© Archiv Luxemburger Wort, Fotograf: Marc Wilwert

Druck

c.a.press, Esch/Alzette

Namentlich gezeichnete Artikel geben nicht unbedingt die Meinung der Redaktion wieder.

Nachdruck und elektronische Verbreitung von *forum*-Beiträgen nur mit ausdrücklicher Genehmigung.

© 2011 by forum ASBL

Bezugspreise

| | |
|--|---------|
| Einzelheft | 6 Euro |
| Jahresabonnement | 50 Euro |
| Jahresabonnement im Umschlag | 62 Euro |
| Studenten, Arbeitslose und Geschenkabonnements | 38 Euro |
| Jahresabonnement im Ausland | 62 Euro |

Überweisungen auf das *forum*-Postscheckkonto

IBAN LU83 1111 0611 5444 0000

mit dem Vermerk „Neuabo ab (Monat)“

und vollständiger Adresse.

Wir danken der *forum*-Fördergemeinschaft und dem Kulturministerium für die finanzielle Unterstützung.

1, rue Mohrfels

L-2158 Luxembourg

Tel.: 42 44 88

E-Mail: forum@pt.lu

Bürozeiten: Montag bis Freitag, 9-12 Uhr

www.forum.lu